



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. November 2020

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister, d'Madamm Gesondheitsminister, d'Madamm Familljeminister an un d'Madamm Minister fir Gläichstellung tëscht Mann a Fra weiderzeleeden.

Den nationalen Zenter fir affektiv a sexuell Gesondheet (CESAS) huet eng Missioun, déi hie fir seng véier Tutellesministèren erfëllt, also fir den Educatiounsministère, de Gesondheitsministère, de Familljeministère an de Ministère fir Gläichstellung tëscht Mann a Fra. D'Missioun ass, d'Approche vun enger affektiver a sexueller Gesondheet bekannt ze maachen. Si sollen dofir suergen, datt dës Approche duerch d'Informatioun, d'Formatioun an d'Sensibiliséierung promovéiert gëtt. An deem Zesammenhang schaaft den CESAS e Reseau vun Acteuren, Kompetenzen a Ressourcen am Sënn vun dëser Approche.


D'Coordinatrice vum CESAS huet den 21. Oktober 2020 an engem Interview mam Radio 100komma7 gesot, den Zenter wier amgaang, mat de Ministèren en „Outil“ auszeschaffen – grad och mam Educatiounsministère, well déi Jugendlech eng besonnesch wichteg Roll géinge spillen – mat deem ënner anerem d'Schoulpersonal fir dës Thematik soll sensibiliséiert ginn. Och mat der Uni Lëtzebuerg géing kollaboréiert ginn. Esou sollen d'Studenten am neie Medezinbachelor iwwert e Formatiounsprogramm fir dës Approche sensibiliséiert ginn, dëst en vue vun hirer Aarbecht als zukünfteg Dokterinnen.

An deem Kontext wëlte mir der Regierung gär folgend Froe stellen:

1. Kann d'Regierung eis erklären, wat genau deen Outil ass a wat dës virgesäit? Wéi a wou iwwerall soll dësen Outil agesat ginn?
2. Wéi gesäit dës Formatiounsprogramm fir Medezinstudente konkret aus? Aus wéi vill Coursë besteet dee Programm? Wien alles huet beim Ausschaffe vun dësem Formatiounsprogramm matgewierkt?

3. Wien hält dës Formatiounscoursen op der Uni Lëtzebuerg? Gehéiert dës Formatioun zum Pflichtprogramm vun de Lëtzebuenger Medezinstudenten oder ass et eng Optioun?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten



Jeff Engelen
Deputéierten